N°3030
Entrée le 14.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.10.2025
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Digitalisatioun weiderzeleeden.**

De Bierger kann op myguichet.lu noverfollegen, wéi eng Verwaltungen an deene leschte 6 Méint op seng perséinlech Donnéeën zeréckgegraff hunn (festgehalen am ofgeännerte Gesetz vum 19te Juni 2013). Duerch d'Logfilen ass och gewosst, wie beim Staat zu wéi engem Zäitpunkt op d'Donnéeën zeréckgräift, allerdéngs ass dës Informatioun net fir d'Bierger:innen visibel an et weess een och net, wéi oft eng Verwaltung op dës Donnéeën zeréckgegraff huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Existéieren intern Kontrollinstrumenter oder Warnungen, déi op abusiivt oder anormaalt Verhalen an de Verwaltungen opmierksam maachen, wann ee Beamten iwwerduerchschnëttlech vill op Donnéeën zeréckgräift?

2. Firwat kréien d'Bierger net proaktiv automatesch eng Pushnoochricht iwwert myguichet, wa Verwaltunge perséinlech Informatiounen iwwert si nosichen?

3. Wäert d'Regierung den Delai vu 6 Méint eropsetzen? Falls nee, wat schwätzt dogéint?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés